Gemengerot

# vum 27 Juni 2025

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Cheryl Geschwind (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

**Entschëllegt:** Natacha Koch (CSV), Conseillère

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, ausser d'Punkten 7, 9, 15.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

**Erklärungen iwwert de Restantenetat 2024 vum Receveur**

### *1. Personal Ugeleeënheeten – Kommunalen Erzéiungs an Empfangdéngscht fir Kanner*

#### *1.1. Modifikatioun vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert d'Modifikatioun vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé fir de SEA an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales, vun aktuell 20 bis 30 Stonnen an der Woch op 40 Stonnen an der Woch ab den 1ten Juli 2025.

#### *1.2. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 12, 2ten Echelon, 305 Punkten an dëst an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

#### *1.3. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrup C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengenemployé vum Service vum Personal, déi ab dem 1ten August 2025 a Kraaft trëtt.

#### *1.4. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott en Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 90% (36 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *1.5. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott en Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 30 Stonne pro Woch, ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

#### *1.6. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 7, 10ten Echelon, 257 Punkten an dëst an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

#### *1.7. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 8, 3ten Echelon, 221 Punkten an dëst an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *1.8. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott en Educateur diplômé fir de SEA/Crèche Keespelt vun der Gemeng Kielen mat enger variabeler Tâche vun 20 bis 30 Stonne pro Woch, ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *1.9. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott en Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vu 75% (30 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *1.10. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 9, 4ten Echelon, 254 Punkten an dëst an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### 1.11. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott en Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vun 30 Stonne pro Woch, ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### 1.12. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 6, 5ten Echelon, 199 Punkten an dëst an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### 1.13. Modifikatioun vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert d'Modifikatioun vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé fir de SEA an der Kategorie C, Loungrupp C1 Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales, vun aktuell 26 Stonnen an der Woch op 25 Stonnen an der Woch ab den 1ten August 2025.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

## KOMMUNIKATIOUNEN

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter** (CSV), begréisst d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 27ten Juni 2025. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl.

**D'Madame Maryse Frantzen (DP)**, wëll am Numm vum FC Kielen ee Merci soen, fir déi ganz Hëllef déi si vun der Gemeng krute fir d'Opriichte vun de Chaleten, Clôturen, Bänken a villes Méi am Kader vum Jugenddag.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, schwätzt nach ee ganzt grousst Kompliment un d'Fraenekipp vum FC Kielen aus. Et war hir éischt Saison iwwerhaapt, wärend dëser hunn si 265 Goler geschoss an deenen 21 Matcher déi si gespillt hunn a wouvunner si kee verluer hunn, a si kruten am ganze 5 Goler vun de Géigner geschoss, wat en immenst Golverhältnis ass. Si steigen elo vun der drëtter an déi zweet Divisioun an sou wéi et ausgesäit wäert dat an deenen nächste Jore monter weidergoen. D'Gemeng ka ganz houfreg op Dammenekipp vum FC Kielen sinn. Si waren och bis an d'Aachtelsfinall vun der Coupe komm wou et da Schluss war. Den Duerchschnëttsalter vun der Dammenekipp läit bei 16 Joer, déi jéngst Matspillerin huet 14 Joer.

De Moment huet d'Gemeng dobaussen den Numm vun enger Gemeng wou et Schwieregkeete gëtt punkto Trafic, mee de Chantier 30 dee virun der Gemeng ass geet ganz gutt virun an d'Verwaltung ass ganz zefridde mat deenen Aarbechten déi bis elo gemaach gi sinn. Et war geplangt dass de Chantier bis zum Enn vun dësem Joer dauert, mee wann et esou viru geet, kann et sinn dass dësen ee Mount éischter fäerdeg ass. D'Aarbechte sinn natierlech méi intensiv wëll d'Reseaue frësch gemaach musse gi vu datt dës schonn iwwert 40 Joer al sinn. Et gëtt e Belag fir eng Zon 30 gemaach wat mat sech bréngt dass och den Tapis eng aner Faarf wäert hunn, sou dat jiddereen deen do drop fiert, mierkt dass et sech ëm eng Zon 30 handelt. D'Gemeng verspriecht sech dovunner eng Verkéiersberouegung.

A punkto Verkéier, deelt den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter** (CSV) nach mat, datt de Schäfferot zesumme mam Büro Schroeder et Associés a mam technesche Service ganz gutt Reuniounen hat betreffend der Preparatioun vum Bréif bezüglech dem Contournement. De Bréif ass sou wäit fäerdeg a gëtt un de Ministère an un de Bureau vu Pont et Chaussée geschéckt. Am Bréif steet resuméiert dran, dass d'Gemeng natierlech gär dee Contournement de proximité hätt. Ee Contournement de proximité heescht dass et eng „normal" 70er Strooss wäert si wou deemno och net vill an d'Natur agegraff gëtt.

D'Gemeng huet eng Preferenz fir d'Variant déi ëstlech verleeft, an huet Argumenter eraus gesicht déi zu Gonschte vun dësem Tracé plaidéieren. Wann een en objektiivt Bild zeechent vum engem méigleche West-Tracé an engem méiglechen Ost-Tracé, gëtt et objektiv vill Argumenter dofir dass den Tracé soll ëstlech vu Kielen kommen. D'Gemeng huet ee méiglechen Tracé gezeechent an huet och d'Proprietären an d'Piechter all eraus gesicht, wou eventuell Terraine musse kaf ginn, mee dësen Zäitpunkt ass bis dato nach net erreecht. Als éischt muss en Echange mam Ministère an de Pont et Chaussée gemaach ginn, fir iwwert dës Propos ze diskutéieren. Allerdéngs besteet och säitens dem Ministère de Wëllen esou séier wéi méiglech e Contournement ze amenagéieren.

Der Aschätzung no ass d'Gemeng ganz gutt vir komm a si war nach ni sou no drun am Dossier Contournement. Och de Staat an de Ministère soen dass „mir ginn dat do zesummen un" also besteet eng grouss Hoffnung.

Wisou entscheet sech d'Gemeng net fir den Tracé dee westlech verleeft? Majo dëse verleeft duerch en Noerhuelungsgebitt wat vill méi gebraucht gëtt an et ginn zwee Baurenhäff déi dovunner staark betraff wären. Wéi gesot et bestinn net manner wéi 17 Punkten déi mam Büro Schroeder & Associés ausgeschafft goufen an déi d'Argumentatioun fir en Tracé deen ëstlech verleeft ënnerstäichen.

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, deelt nach déi traureg Nouvelle mat, dass d'Biogasanlag „Naturgas Kielen", offiziell Faillite ass. Wéi et an deem Dossier viru geet ass nach net ganz kloer. Den Terrain wou d'Biogasanlag drop steet ass der Gemeng hiren Terrain, an an engem Fall vun enger Faillite, geet dat wat drop steet zeréck un d'Gemeng, dëst gouf unhand vun enger Emphyteos festgehalen. Deemno wier d'Gemeng och Proprietär vun de Gebaier wat awer net esou virdeelhaft ass well d'Gemeng elo kucke muss wéi et an dësem Dossier virugeet. D'Verwaltung setzt sech nächsten Dënschdeg mat den Acteuren zesumme fir ze kucke wat ka gemaach ginn an och wat rechtlech méiglech ass. D'Gemeng wéilt gären dass do rëm eng Aktivitéit géif stattfannen, de Problem ass nämlech, dass do Baueren hire Piff higefouert hunn a wann déi dat a Zukunft net méi dierfe maachen, dann hunn si ee Problem well se net wësse wouhinner mat dem ganze Piff an dat ass net gutt. Et deet och dem Här Félix Eischen leed fir d'Acteuren aus der Landwirtschaft, well si bis zu gudder Läscht ganz intensiv dru geschafft hunn e Repreneur ze fannen. Si hu vun 3-4 Repreneure vill Avancë gemaach kritt mä déi sinn dann awer an der leschter Minutt ofgesprongen an dat Ganzt huet sech iwwer Méint gezunn an elo ass eng Faillite gesprach ginn.

**D'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP)**, schwätzt am Numm vun der LASEP der Gemeng ee grousse Merci aus fir déi zwee Busser déi dës bezuelt huet fir kënne mat de Kanner an d'Coque ze fueren. Am ganze waren ëm déi 80 Kanner béi deenen Deplacementer dobäi. Leschten Donneschde war Si selwer mat wou an der ganzer Coque iwwer 1100 Kanner waren. De Prënz Luis war do an et war ee ganz flotten Nomëtten. Ab nächstem Schouljoer ass d'LASEP gratis, déi 40€ fir d'Kanner falen ewech.

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, wëll bei der Geleeënheet och ee Merci ausschwätze fir d'Engagement wat d'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP) bei der LASEP weist. Viru 14 Deeg war d'„Coupe scolaire" bei där d'Präisser verdeelt

goufe. Et ass ganz echt wann een d'Kanner am Duerf gesäit Vëlo fueren, wat haut leider net méi esou oft de Fall ass, wat immens schued ass. Am Allgemenge gesäit ee wéineg Kanner mam Vëlo fueren. Déi Deeg virun der „Coupe scolaire" hunn d'Kanner heefeg trainéiert a souguer fir de Schaarfeneck erop ze fueren, wat net sou einfach ass. Et hu vill Kanner deelgeholl an dovunner hunn der och gesot „mir hunn de Vëlo erëm entdeckt". Vill Kanner hu Schwieregkeeten domat Vëlo ze fueren. Mat der jëtzeger Verkéiersssituatioun ass et verständlech. D'Gemeng hofft dass dëst sech an d'Zukunft ännere wäert an dass erëm méi Kanner op de Vëlo klammen.

## *2. Restantenetat 2024*

De Gemengerot approuvéiert d'Propositioun vum Schäfferot a behält am ordinäre Service follgendes zeréck:

| | |
|---|---|
| En reprise provisoire et à poursuivre: | 158 890,96€ |
| En décharge: collège des bourgmestre et échevins (19 juin 2024) | 712,93€ |
| **Total** | **159 603,89€** |

## *3. « Titres de Recettes 2023 »*

| Numéro article | Libellé | Nbre titres | Montant total |
|---|---|---|---|
| 2/113/706080/99001 | Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission consultative communale du troisième âge | 10 | 5.382,24€ |
| 2/113/706080/99003 | Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission consultative communale de la jeunesse | 2 | 25.569,85€ |
| 2/113/706080/99004 | Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission consultative communale de la famille et de l'égalité des chances | 10 | 1.635,50€ |
| 2/113/706080/99005 | Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission consultative communale des affaires culturelles | 4 | 13.903,06€ |
| 2/113/706080/99007 | Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission consultative communale du vivre-ensemble | 7 | 3.594,10€ |
| 2/180/758000/99001 | Recettes et remboursements divers | 13 | 18.964,72€ |
| 2/242/708400/99001 | Dons et collectes | 2 | 934,20€ |
| 2/825/706080/99001 | Recettes provenant des manifestations sportives et de loisirs | 3 | 2.864,50€ |
| 2/860/706080/99001 | Recette provenant de fêtes publiques - Fête Nationale | 5 | 21.557,01€ |

De Gemengerot approuvéiert déi an dësem Tablo opgeléschte Recetten déi de Budget vum Joer 2024 betreffen.

## *4. Festleeë vum Grondsteiersaz a vum Gewerbesteiersaz fir d'Joer 2026*

De Gemengerot leet fir d'Steierjoer 2026 follgenden Taux fir d'Gewerbesteier fest:

- Impôt commercial 300% (trois cents).

De Gemengerot leet fir d'Steierjoer 2026 follgend Tauxe fir d'Grondsteiere fest:

- Impôt foncier A 400% (quatre cents);
- Impôt foncier B1 600% (six cents);
- Impôt foncier B2 500% (cinq cents);
- Impôt foncier B3 500% (cinq cents);
- Impôt foncier B4 500% (cinq cents);
- Impôt foncier B5 500% (cinq cents);
- Impôt foncier B6 1.500% (mille cinq cents).

## *5. Compromis/Akten/Kontrakter/ Konventiounen*

### *5.1. Nottärsakt fir de Verkaf vun zwou Parzellen um Uert „Juddegaass" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt n°12475, deen de 13ten Juni 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Maître Carmen Rimondini, Affekot, ënnerschriwwe gouf. Dësen Akt kläert d'Acquisitioun vun der Gemeng Kielen vun zwou Parzellen, Nummer 2097/6797 an Nummer 2130/6332, béit vun Natur „Strooss", mat enger Fläch vu jeeweils 0,53 Ar an 0,08 Ar, geleeën um Uert „Juddegaass", Sektioun A vu Kielen fir de Präis vu 427,00€.

### *5.2. Nottärsakt fir de Verkaf vun enger Parzell um Uert „Rue de la Montée" zu Dondel*

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt n°12474, deen de 13ten Juni 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Koppel, den Här John Einsweiler an d'Madame Renée Maria Koch, ënnerschriwwe gouf. Dësen Akt kläert d'Acquisitioun vun der Gemeng Kielen vun der Parzell, Nummer 119/685, Strooss, mat enger Fläch vun 1,03 Ar, geleeën um Uert „Rue de la Montée" zu Dondel, fir de Präis vun 1.030,00€.

### *5.3. „Maison pour Tous" am Quartier Elmen – Bail fir e Sall um 1ten Stack*

De Gemengerot approuvéiert de Bail deen den 18ten Juni 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der kooperativer Societéit Ligue HMC S.C., ënnerschriwwe gouf. Dëse Bail betrëfft d'Locatioun vun engem Sall („Dadaphonic") um 1ste Stack fir Theaterprouwen. Dëse Sall huet eng Fläch vun ongeféier 271,26 m², a befënnt sech am Gebai „Maison pour tous", zu Ollem op 4, Groussgaass.

### *5.4. „Maison pour Tous" à Elmen, Brasserie - Bail fir d'Exploitatioun*

De Gemengerot approuvéiert de Bail deen de 17ten Juni 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Societéit Concept Thai s.àr.l. vertrueden duerch den Här Christophe Diederich, eenzege Gerant, ënnerschriwwe gouf. Dëse Bail betrëfft d'Locatioun vun engem Lokal dat eng gesamt Fläch vu 437,25 m² huet an dat dozou déngt eng Brasserie ze bedreiwen, genannt „Brasserie Elmen", an déi sech innerhalb der Maison pour tous befënnt zu Ollem op 4 Groussgaasss.

### 5.5. Syndicat Intercommunal pour la Conservation de la Nature (SICONA) – Konventioun betreffend der Ëmsetzung vun Naturschutzprojeten

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun, déi tëschent dem Här Roland Proess an der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot, vum 15ten Mee 2025 ënnerschriwwe gouf, an déi d'Ëmsetzung vun Naturschutzprojete betrëfft. Unhand vun dëser Konventioun autoriséiert de Proprietaire vun der Parzell 570/7541 der Gemeng e Wéier unzeleeën, e Basseng fir d'Waasser zeréckzehalen ze amenagéieren, verschidden Hecke souwéi Uebstbeem ze planzen. Am Géigesaz verflicht sech de Proprietaire dozou dat wat op der Parzell amenagéiert gouf ze ënnerhalen an näischt absichtlech futti ze maachen an erlaabt de Mataarbechter vun der Sicona Süd-West den Accès op déi concernéiert Parzell fir kënnen déi genannten Interventiounen ze maachen.

### 5.6. Brasserie Simon Participation & Cie S.e.c.s – Konventioun

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun, déi den 2ten Mee 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Brasserie Simon Participation & Cie S.e.c.s., vertrueden duerch hir Gerante, Mme Elisabeth Fontaine, ofgeschloss gouf. Dës Konventioun bezitt sech op de Musekssall vu Kielen a fixéiert déi generell Konditiounen, d'Klausel fir d'Liwwerungen an d'Lafzäit vun 10 Joer ab dem 1ten Mee 2025.

### 5.7. Agence Immobilière Sociale (AIS) – Bail fir en Appartement zu Ollem

De Gemengerot approuvéiert de Bail, deen den 2ten Juni 2025 tëschent der Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Etablissement am ëffentlechen Intressi „Fondation pour l'Accès au Logement", vertrueden duerch hire Service „Agence Immobilière Sociale", ënnerschriwwe gouf. Dëse Bail betrëfft zur Verfügung stelle vun engem Appartement zu Ollem, 2, rue de Nospelt, dat der Gemeng gehéiert fir d'Locatioun u Familljen an/oder Eenzelpersounen, déi engem erhéichte Risiko fir eng prekärer Lag, Aarmut oder sozialer Ausgrenzung ausgesat sinn.

## 6. Kommitee vum Jumelage: Ernennung vun engem Member

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, d'Madame Sandy Schwarz als Member a Vertrieder vun der Kulturkommissioun am Kommitee vum Jumelage a stellt fest, datt de Kommitee vum Jumelage follgendermoossen zesummegesat ass:

| | |
|---|---|
| Parti politique CSV | M. Lucien KOCH |
| Parti politique LSAP | Mme Anne ZEIHEN |
| Parti politique DP | Mme Maryse FRANTZEN |
| Parti politique déi gréng | Mme Josette CLEMENS |
| Commission consultative communale du vivre-ensemble interculturelle | Mme Natacha KOCH |
| Commission consultative communale scolaire | M. Guy BREDEN |
| Commission consultative communale des affaires culturelles | Mme Sandy SCHWARZ |
| Commission consultative communal des sports et loisirs | M. Massimo REGNO |
| Associations locales | Mme Marie-Anne KIEFFER-GIERES |
| | Fanfare Kehlen |
| | M. Marc MAAS |
| | Gaart an Heem Kielen-Ollem |
| | M. Willy SUYS, Phototh éik |
| | M. Nico HAMES, Cycles comiques Olm |
| | M. André GERGES, Frënn vum Brennereimusée |
| | Mme Marie-Jeanne SCHMIT, Gaart an Heem Kielen-Ollem |
| | Mme Sarah DELCOURT, My Elmen asbl |
| | Mme Olivia SPARAPANO, My Elmen asbl |
| Commerce / Artisanat | M. Kevin URBING |
| Jeune 16-25 ans | *vacant* |
| Jeune 16-25 ans | *vacant* |
| Corps enseignant | Mme Anouk SCHINTGEN |
| CGDIS | M. Michael FORD |

## 7. Gemengepakt vum interkulturellem Zesummeliewen – Wiessel vum Koordinator vum Comité de pilotage

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott, den Här Xavier Delposen als Koordinator vum Comité de pilotage, dee virgesinn ass am Kader vum Gemengepakt vum interkulturellem Zesummeliewen, a stellt fest dass dëse follgendermoossen zesummegesat ass:

| N° | Prénom / Nom(s) | Fonction (s) |
|---|---|---|
| 1 | Natacha KOCH | Membre du conseil communal et présidente de la commission communale |
| 2 | M. Xavier DELPOSEN ('Une marque de Coévolution sàrl' – ACT2T) | Coordinateur pacte communal dans les communes |
| 3 | Paula DOS SANTOS PEREIRA MACIEL | Membre de la commission communale |
| 4 | Emile WALCH | Membre de la commission communale |
| 5 | Christine SCHOLTES | Membre d'une association locale (Musek Keespelt-Meespelt) |
| 6 | Andreas MIDUNSKY | Membre d'une association locale (My Elmen asbl) |
| 7 | Christian DUPREL | Membre des associations locales (DT Nouspelt / Amicale CIS Kielen / Ollemer Frënn Asbl) |
| 8 | Myriam EICHER | Membre d'une association locale (Fanfare Kehlen) |
| 9 | Jules HOFFELT | Membre d'une association locale (Haff Schockweiler asbl) |

## 8. Personal Ugeleeënheeten

### 8.1. Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives, fir de Service vum Personal

De Gemengerot schaaft e Poste fir e Gemengenemployé fir de Service vum Personal an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives.

### 8.2. Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengengemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Technik, fir den technesche Service

De Gemengerot schaaft e Poste fir e Gemengenemployé fir den technesche Service an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Technik.

## 9. PAP „nouveau quartier" „Am Aker" zu Kielen

De Gemengerot approuvéiert de PAP „nouveau quartier" „Am Aker" zu Kielen, wéi e virgeluecht gouf. Dësen besteet aus follgenden Deeler:

- de PAP „nouveau quartier" „Am Aker" zu Kielen nom Avis vun der „Cellule d'évalution" vum Inneministère, mat enger Legend, engem Schnëtt a Pläng;
- de „Rapport justficatif" - Versioun 2025;
- de grafeschen Deel.

## 10. Devis

### 10.1. Musekssall zu Kielen – zousätzlechen Devis fir d'Renovatioun an a Konformitéit setzen

De Gemengerot approuvéiert de zousätzlechen Devis fir d'Renovatioun an a Konformitéit setze vum Musekssall zu Kielen, deen de 17ten Juni 2025 vum technesche Service opgestallt gouf, fir e Gesamtbetrag vun 323.500,00€ ouni TVA (375.095,00€ mat TVA). De Gemengerot stëmmt och en zousätzleche Kredit vun 225.000€. De genannten Devis ëmfaasst d'Rubricken „Kichen" fir e Montant vun 49.500,00€, „Comptoir" fir 25.500,00€, „Toiletten" fir 21.900€, „Sall" fir 45.500,00€ souwéi och „Fassad" fir 21.500,00€.

### 10.2. Sall vun de Pompjeeën zu Nouspelt – Virprojet a Devis fir d'Konformitéit

De Gemengerot approuvéiert den Devis fir d'a Konformitéit setze vum ale Sall vun de Pompjeeën zu Nouspelt, deen de 16ten Juni 2025 vum technesche Service vun der Gemeng fir e Gesamtbetrag vu 408.000,00€ ouni TVA (476.935,00€ mat TVA) opgestallt gouf. De genannten Devis ëmfaasst d'Rubricken „a Konformitéit setzen - allgemeng Securitéit" fir e Montant vun 91.000,00€, „elektresch Installatiounen" fir e Montant vu 75.000,00€, „Heizungsinstallatiounen" fir e Montant vun 43.500,00€, „Zougang fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit" fir e Montant vu 50.000,00€, „Renovatiounsaarbechten" fir e Montant vun 126.500,00€, souwéi „Verschiddenes" fir 22.000,00€.

### 10.3. Schoulcampus vu Kielen – Virprojet a Devis fir d'Installatioun vun enger Heizungzentral

De Gemengerot approuvéiert den Devis vun der Berodungsfirma Goblet Lavandier & Associés S.A. vun Nidderaanwen vum 12ten Juni 2025, Projetnummer P24-016, betreffend der Renovatioun an dem Energiekonzept vun der Zentralschoul zu Kielen fir de Gesamtpräis vun 1.570.000,00€ ouni TVA (1.836.900,00€ mat TVA). Dësen Devis ëmfaasst d'Aarbechte fir den Demontage, d'Chaudière mat Holzpellets a Siloe, d'Chaudière mat Gas, d'Installatioun vun engem Kamäin / Oflaf fir Damp, d'Honorairen an d'Installatioun vum Sanitär.

### 10.4. Reparatur vum Kanal an der rue du Cimetière zu Kielen

De Gemengerot approuvéiert den Devis betreffend der Reparatur vum Kanal an der Rue du Cimetière zu Kielen, dee vum technesche Service vun der Gemeng den 12ten Juni 2025 fir e Gesamtbetrag vun 69.500,00€ ouni TVA (81.315,00€ mat TVA – opgerënnt op 82.000,00€) opgestallt gouf. Dësen Devis betreffend der Rehabilitatioun vun zwou Kanalisatiounen DN300 a vun 3 Revisiounsschächt situéiert an der rue du Cimetière zu Kielen ëmfaasst d'Rubricken „Installatioun vum Chantier" fir e Montant vun 8.000,00€, „Gestioun vun den Offloss vun de Kanäl" fir e Montant vun 2.500,00€, „Virbereedungsaarbechten" fir 3.500,00€, „Rehabilitatioun vun de Kanalisatiounen unhand vun enger kontinuéierlecher Verkleedung" fir 39.5000,00€ souwéi och „Rehabilitatioun vun de Revisounsschächt" fir 16.000,00€.

## 11. Gesank Keespelt-Meespelt – 155ten Gebuertsdag – Speziell Subventioun

De Gemengerot bewëllegt der ASBL Gesank Keespelt-Meespelt eng speziell Subventioun vun 1.750,00€.

## 12. Lotissement vun enger Parzell an der rue de Keespelt zu Meespelt

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement de vum Geometer TERRA G.O. s.à r.l. vu Konter fir d'Konsorten Wampach opgestallt gouf. Dëse Projet gesäit vir d'Parzell, déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen ageschriwwen ass, ënnert der Nummer 1113/3031, Sektioun E vu Keespelt zu Meespelt ‚mat enger Fläch vu 25 Ar, an der rue de Keespelt a Meespelt, ze splécke mat der Absicht, dräi nei Parzellen ze schafen an zwar Parzellen n°1113/Lot 1, n°1113/Lot 2 et n°1113 Lot 3.

## 13. Modifikatioune vum Verkéiersreglement an der Gemeng Kielen – Avenant

De Gemengerot ännert d'kommunal Verkéiersreglement vum 26ten November 2021 follgendermoossen:

- An der Opläschtung vun de Verkéiersschëlder ass d'Schëld „chemin pour piétons obligatoire" bei gesat.
- An der „rue de Schoenberg" kënnt e „stationnement interdit" bäi an zwar wiertes vun 08:00 bis 18:00 op der Héicht vum Haus Nummer 1a, 10 Minutte; stoe bleiwen ass erlaabt (Kiss & Go Maison Relais), dat besteeënd onbegrenzte Parkverbuet gëtt op gehuewen
- An der „rue de Goetzingen" zu Ollem, vum Haus Nummer 6A bis 2, gëtt eng Fuerspuer reservéiert fir d'Bussen an op der Héicht vum Haus Nummer 2 kënnt eng rout Luucht stoen.
- An der „rue Abraham Lincoln" zu Ollem, vum Haus Nummer 15 bis 11, op der ongerueder Säit, kënnt och e Parkverbuet wiertes vun 08:00 bis 18:00, ausser fir 10 Minutte stoen ze bleiwen (Kiss & Go Maison Relais)
- Dat selwecht gëtt um „Boulevard Robert Schuman" agefouert, vum Haus Nummer 12A bis14, op der gerueder Säit, och hei gëtt dat permanent Parkverbuet opgehuewen.
- An der Industriezonen zu Kielen gëtt op der Säit vum Gebai Nummer 30 bis op de CR103 en „chemin pour piétons obligatoire" agefouert.

### *14. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot*

De Gemengerot confirméiert 5 dréngend Verkéiersreglementer vum Schäfferot, nämlech an der „rue de Mamer" zu Kielen wéinst Bau- a Sanéierungsaarbechte fir d'Zon 30, dëst vu Méindes, dem 19ten Mee 2025 bis Mëttwochs, de 28ten Mee 2025, an der „rue des Fleurs" zu Nouspelt, wéinst Aarbechte fir d'Installatioun vu Gerüster virum Gebai Nr. 11, vu Mëttwochs, dem 4ten Juni 2025 bis Freides, dem 4ten Juli 2025, an der "rue de Kehlen" zu Keespelt, wéinst Aarbechte fir den Uschloss un de Reseau virum Gebai Nr. 36, vun Dënschdes, dem 10ten Juni 2025 bis Freides, dem 27ten Juni 2025, an der „Avenue Grand-Duc Jean" zu Ollem, wéinst Aarbechte fir d'Waasser- an d'Gasuschloss vum Gebai Nr. 2 ze suppriméieren, vu Freides, dem 13ten Juni 2025 bis Méindes, dem 7ten Juli 2025 an an der „rue de Meispelt" zu Keespelt, wéinst Aarbechte fir den Uschloss un de Reseau vun de Gebaier Nr. 11 an Nr. 11A, vu Freides, den 13ten Juni 2025 bis Samschdes, den 28ten Juni 2025.

### *15. Schoulorganisatioun 2025/2026*

De Gemengerot hält déi provisoresch Schoulorganisatioun vun der Gemeng Kielen fir d'Schouljoer 2025/2026 zesumme mat der „Délibération complémentaire" déi dozou gehéiert, mam PEP 1/2 (plan d'encadrement périscolaire) 2025/2026 a Kraaft wärend dem 1ten Trimester an mam PEP 2/2 a Kraaft wärend dem 2ten an 3ten Trimester, vun der Schoulkommissioun de 16ten Juni 2025 aviséiert, fest.


**K-BUS GEMENG KIELEN**

8002 8282



Service gratuit
Du lundi au samedi de 8h00 à 20h00

**Où circule le K-BUS ?**

* Territoire de la Commune de Kehlen
* Capellen Gare
* City Concorde Lifestyle Center
* Shopping Center La Belle Etoile
* CHL - Centre Strassen
* CHL Eich
* CHdN Ettelbruck
* Hôpital Kirchberg
* Rehazenter Kirchberg
* ZithaKlinik

**Quand circule le K-BUS ?**

Du lundi au samedi de 8h00 à 20h00 (sauf les jours fériés).

**Comment réserver le K-BUS ?**

Composez le numéro gratuit 8002 8282 et réservez votre déplacement au plus tard 60 minutes avant votre départ souhaité.

Plus d'infos sur :
**www.kehlen.lu**

GEMENG Kielen